Greenpeace huet an enger rezenter Studie Gezei, och fir Kanner, vu bekannte Marken op den europäesche Mäert op toxesch Substanzen ënnersiche gelooss.

D'Resultater sin desaströs a goufen an der internationaler Press kommentéiert.

An och wann et zu deene meeschte Substanze scho Regulatiounen an Europa ginn, weist dat just, dass des Regulatioune bei wäitem net duerginn.

Den Asaz vu Phthalaten z.B. (déi virun allem de Risiko vun Onfruchtbarkeet erhéijen) ass zwar an der EU a Kannerspillsaache verbueden, awer net a Kannerkleedung.

Verschidde Produit'en déi an der EU verbueden sinn, riskéiren och weiderhin, an importéierte Produit'en enthale ze sinn.

Meng Froen:

Wéi stellt sech d'Lëtzebuerger Regierung fir, Kanner awer och Erwuessener virun toxesche Stoffer an der Kleedung präventiv a wierksam ze schützen?

Wéi wält geet do dee nationale Spillraum a wéi wäit wëll se dee notzen?

Watfir Test- a Kontrollmoosnahmen get et hei am Land a wéi gin se am Fall vu Bekleedungswueren agesat?

Wéi steet d'Regirung zu weidere strenge Restriktiounen a Verbueter vu gëftege Stoffer an de Kleeder - zu Lëtzebuerg an an Europa?

Watfir Moossnahme sinn do an Zukunft geplangt?